PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 DEC. 2018
119

Lëtzebuerg, den 21/12/2018

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Ëffentlechen Déngscht, Energie & Kultur weiderzeleeden.**

Reegelméisseg falen op Ministèrë Personalchangementer un. Heiansdo treffen esou Wiessele bei der Ëffentlechkeet duerch kloer an transparent Prozeduren ob Zoustëmmung, heiansdo léisen se guer keng Resonanz aus an heiansdo ginn se vun der Bevëlkerung virun allem negativ bewäert, well ontransparent Kritäre bei der Attributioun vun de Posten d'Léit gleewe loossen, datt aner Aspekter ewéi d'Kompetenze vun de Kandidaten um Enn bei der Verdeelung vun den Aarbechtsplazen ausschlaggebend waren. Och am Moment ginn et erëm eng Rei Changementer an de lëtzebuergesche Ministèren. Esou soll z.B. eng fréier Staatssekretärin wäerte bei den Ausseministère wiesselen, fir do d'Nationbranding-Strategie ze begleeden, e fréiere KeP-Koordinateur soll an de Kulturministère nominéiert ginn an e fréiere Porte-parole vum Nohaltegkeetsministère soll 1er Conseiller de Gouvernement am neien Energieministère ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Kennen d'Häre Ministeren an d'Madamm Ministesch des Personalchangementer bestätegen?
- Gouf et fir dës Posten eng oppen Ausschreiwung? Wa jo, vu wéini bis wéini an op wéi enge Kanäl? Wann nee, firwat net?
- A wéi enger Carrière an ënnert wéi engem Statut kann een als Persoun bei de lëtzebuergesche Ministèren agestallt ginn? Wéi eng Kompetenze soll ee matbréngen, wann een e Posten an enger héijer Carrière bei engem Ministère ustrieft?
- Wéi gëtt an de Ministèrë séchergestallt, dass Persoune keen Zougang zu Carrièren hunn, zu deenen hier Diplomer se net ermächtegen? Wéi oft ass et hei schonns zu Ausnamen komm?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

www.piraten.lu

#lëtzebuerg2018

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 28 JAN. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 JAN. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse commune de Monsieur le Premier ministre, ministre d'État, Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes, Monsieur le Ministre de la Fonction publique, Monsieur le Ministre de l'Énergie et Madame la Ministre de la Culture à la question parlementaire n° 93 au sujet de la nomination de 3 conseillers de Gouvernement.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°119 du 24 décembre 2018 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier ministre

Ministre d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Premier- a Staatsminister, vum Aussen- an Europaminister, vum Minister fir d'Fonction publique, vum Minister fir Energie a vun der Kulturministesch op d'parlamentaresch Ufro 119 vum 21. Dezember 2018 vum Députéierten Sven CLEMENT.**

Den Députéierten stellt verschidde Froen zu Nominatiounen an der Carrière vum Regierungsrot.

Punkt 1

Jo.

Punkt 2

Fir Nominatiounen an d'Carrière vum Regierungsrot (Conseiller de Gouvernement adjoint, Conseiller de Gouvernement, Conseiller de Gouvernement première classe, Premier Conseiller de Gouvernement an Administrateur général) kenne virzehuelen brauch dee jeweilege Posten net ausgeschriwwen ze ginn. Déi Poste gi geméiss Artikel 76 vun der Verfaassung a geméiss Artikel 2 vum oofgeännerten Arrêté royal-grand-ducal vum 9 Juli 1857 iwwert d'Organisatioun vun der groussherzoglecher Regierung besat. Doranner heescht et : « Des conseillers (...) sont adjoints au Gouvernement ».

D'Regierung proposéiert dem Staatschef an deem Kontext Leit, déi vun hirem Profil hir ge'eegent sinn, déi verschidden Aufgaben, déi mat deene Posten an de jeweilege Ministèren verbonne sinn, optimal äuszeféieren.

D'Zuel vun de Regierungsréit ass limitativ festgehal am Arrêté grand-ducal du 21 décembre 2018 modifiant l'arrêté grand-ducal modifié du 14 janvier 1974 relatif aux conseillers qui sont adjoints au Gouvernement.

Punkt 3

Et kann een als Fonctionnaire, Employé oder Salarié bei engem Ministère agestallt ginn. D'Fonctionnairen an d'Employéë ginn an engem vun de Groupes de Traitement oder d'Indemnité agestallt, déi am ëmgeännerte Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwert d'Gehälter an d'Konditiounen an d'Modalitéite vun den Avancementer vun de Staatsfonctionnairen, souwéi am ëmgeännerte Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwert de Regime an d'Indemnitéite vun de Staatsemployéeën, festgehale sinn. D'Formatiounskonditioune si fir d'Beamten iwwer Reglement a fir d'Employéen iwwer d'Gesetz vum 25. Mäerz 2015 fixéiert. Déi verschidde Carrièrë vu Salarié'en mat de Formatiounskonditiounen sinn an dem Kollektivvertrag vun de Staatsaarbechter festgehalen. D'Kompetenzen déi verlaangt ginn, sinn an der jeeweileger Poste Beschreiwung opgeléscht. D'Beamten aus der Carrière vum Conseiller de Gouvernement ginn iwwert den Artikel 76 vun der Verfassung agestallt. Fir si treffen déi viregt genannte Konditiounen net zou.

Punkt 4

All Kandidat dee sech op ee vun de publizéierte fräie Poste mellt, muss eng Kopie vu sengem Diplom beileeën. Den Diplom muss dem Formatiounsniveau, dee fir déi jeeweileg Carrière verlaangt ass, entspriechen. De Service de Recrutement vum Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) iwwerpréift bei all Kandidat op en déi legal a reglementär Konditiounen erfëllt, fir de viséierte Poste kënnen ze besetzen.